

Chrëschtentum a oder sozialismus

De 16.1.1980 hate "forum" a "Perspektiv" bekanntlech e Ronndéeschgespräch zum Thema "Chrëschtentum an/oder Sozialismus" organiséiert. Vill, ganz vill Leit were komm. Nét all sin se op hier Rechnung komm. Zwou kritisches Stëmme wéllt och "forum" veréffentleche. Et bleibt aver ze bedenken, daß dést Thema do fir d'ëischt zu Lëtzebuerg ugepakt gin as, also kaum direkt grouß Verbriddérungsaktiounen z'erwaarde waren. Et schéngt mir aver, wi wa wichtig Froen als Froe mol kloer gestallt gi wieren, di e weidert Gespräch erméigleche.

Et gouf och den Organisateuren de Virworf gemaach, keng representativ Chrëschten invitierter gehat ze hun. Ons huet ét tatsächlech méi interessant geschéngt, téscht Leit, di méi oder wéineger sech politesch no stin, e Gespräch ivert di zukünfteg Aussichten vum Dialog ze feieren, grad d'Nuancen an Ennerscheeder, di trotz eventueller princiell Konvergenz bestinn, erauszeschaffen, wi eng polariséiert Diskussioun téschtert a lénks ze feieren. Mir wollten al Fronten hëllefen ofbauen. Leider as dat nét ganz gelunge, well al "Feindbilder" dach nach matgeschwonge sin, a nét jiddereen drop agestallt wor, zesumme e gemeinsamt Ueies unzegoen. D'Opposition téscht Chrëschten a Sozialisten huet duerfir muenchmol e bëssche kënschlech geklungen.

Lieser di méi präzis un dem Aussoe vun deem Owend interesséiert sin, siefen op d'"Perspektiv" Nr. 19 verwisen, wou wichtig Zitatet gedréckt sin. Mir wëllen ons déi Plaatz spuere fir Kommentäre.

D'Press hat dem Ronndéeschgespräch nodréiglech eng zimlech breet Plaatz ageraumt a mir soen hier Merci, énsou méi hier Bemerkunge jo meeschters ganz positiv waren. Schued as, daß d'L.W. des Dialogméglichek huet mol neess boykottéiert huet. Kee Mount mi spéit huet d'Synod verlaagt, d'Kiirch méi dem Dialog mat

"Fernstehenden" méi Beuechtung schenken. "forum" wor su vermissen ze mengen, d'Ronndéeschgespräch wär och an deem Kontext eng Saach di all Chrëschte mißt interesséieren.

m.p.

D'Froen di zur Diskussioun stongan:

- Fro un d'Sozialisten:
Wat gesi Dier Positives/Negatives um Chrëschtentum? un der Institutioun Kiirch? u neie Stréimungen an der Kiirch?
- Fro un d'Chrëschten:
Wat gesi Dier Positives/Negatives un der (de) sozialisteche(r) Bewegung(en)? un hiere Parteien? (As dénen hier Praxis "sozialistesch")
- Zu Lëtzebuerg wor Sozialismus bis elo meeschters gläichbedeitend mat Atheismus an Antiklerikalismus. Bleift déi Front esou? Wéi as se z'iwerwannen? Gin ét zuer Zäit Chancen derfir?
- A Südamerika as den Dialog téscht Chrëschten a Sozialisten eng Selbstverständlichkeit. As deen Dialog hei bekannt? Wou leien Ennerscheeder mat onser Situations? Wellech Konsequenzen fir ons Praxis sin aus der südamerikanischer Erfahrung ze zéien?
- Gét ét nét an onser Situations eng Rei Problémer, di onofhängeg vun doktrinaire Positiounen ons all ugin, a wou och bei eis eng Zusammenarbecht téscht Chrëschten a Sozialisten sech opdrängt?

Kritesch Stëmmen

D'Idee, esou en Owend z'organiséiere war bestëmmt ganz gudd gemengt! An esou konnt ee géschter owend och eng Zoo interesséiert Nolauschterer am Sall Vox zielen!

Wat elo den Inhalt vun dësem Owend ugeet, sou muss ee bedaueren, daß déi eenzel Leit, déi hei d'Chrëschtentum oder de Sozialismus vertratt hun, nét méi oppen an éierlech ivert hier Weltanschauung matteneen geschwaat hun.

Well vum lénken Bord hier zimlech vill Parteipolitik a Propaganda gemaacht gouf, sin d'Chrëschten, déi um rechte Bord sutzen, lues a lues émmer méi roueg gin, an et war keen Equiliber méi an der Diskussioun téschend chrëschtlechem a sozialisteschem Bord!

Positiv awer an déser Diskussioun d'Denkustéiss, déi vun der Table ronde ausgaang sin.


Esou war et interessant ze héieren, dass engagéiert Chrëschten besonnesch déi sozialistesch Analyse vun der Gesellschaft wierdegen. Durch Veraarbechte vun der sozialistescher Léier wieren hinne Klasseënner-scheeder an der Gesellschaft eréisch richteg bewožt gin!

Wat elo déi sozialistesch Seit ugeet, esou hun d'Sozialisten erklärt, daß sie d'Chrëschten do bewonneren, wou si konkreet um Terrain schaffen. Esou hätte Sozialisten an engagéiert Chrëschte sech zum Beispill bei de Friemaarbechter begéint an an der Antiatombewegung.

Aner Themaen an déser Diskussiouen waren de Sozialismus an d'Kiirch als organiséiert Muechtapparater, an d'Fro vun der Séparatioun vu Kiirch a Staat.

Wat de Muechtapparat ugéet, sou goufe vu sozialistescher Säit d'Lëtzebuerger Kiirch an hier parakirchlech Organisatiounen énnert d'Lupp geholl an attackéiert. Organisatiounen wéi d'CSV, den LCGB, d'Lëtzebuerger kathoulesch Scouter a Guiden, d'Actioun familiale et populaire, d'Wort, asw. géifen d'Liewen vun de Chrëschten hei am Land total encadréieren.

All Sekteuren vum Liewen géifen op dës Manéier vun der Kiirch erfaasst an an désem Grillage géif kaum Plaatz fir de kritesche Chrëscht bleiwen! Hie gët



Pendant trois heures 3 chrétiens et 3 socialistes ont débattu à propos de la question: Socialisme et/ou Christianisme. Lorsque le débat eut fini, j'avais la tête qui bourdonnait et je n'avais rien compris. J'étais déçue et fachée. Car ce à quoi j'avais assisté, ne pourrait être comparé à une simple discussion entre amis ou en classe qui sûrement aurait mené plus loin.

Le débat a donc commencé. Début classique: les participants se sont présentés et ont tout de suite défini leur position moyennant une longue tirade apprise par cœur.

Quatre questions leur ont été posées. Vraisemblablement les deux dernières ont été oubliées, parce qu'il n'en a plus été question. C'étaient évidemment les 2 questions les plus importantes et intéressantes.

Ce qui m'a agacée, c'est qu'on a parlé du christia-

un de Rand gedrängt, an eng marginal Roll!

D'Chrëschten hun dann hiererseits de Ball zréckgespillet a gemengt, daß an deenen Länner, wou Sozialismus a Kommunismus haut alleng un der Muecht wieren, de Mënsch och engem Muechtapparat énnerworfen wier, dëss Kéier engem bürokrateschen.

Wat d'Trennung vu Kiirch a Staat ugeet, sou ware bëid Säite fir esou eng Trennung. Schued just, daß dëss Fro nüt méi am Détail duerchdiskutéiert gouf, an, daß d'Chrëschte nüt méi Courage hatten, hir Ideen doriwer méi klar a nuancéiert virzedroen.

Pia Burggraff
(RTL, 17.1.1980)

nisme seulement en tant qu'institution. Et ceci tant du côté socialiste que du côté chrétien.

La question qu'on aurait dû poser était (à mon avis): Peut-on être socialiste ET chrétien (croyant)? Mais on ne l'a pas fait. Le sujet n'a pas été abordé avec intelligence.

Je me suis rendue compte avec étonnement que je n'avais rien compris et que le débat n'avait été qu'un moyen pour les participants de sortir des rangs et de se faire remarquer.

A-t-on de façon quelconque dit ce qui avait été fait jusqu'à présent, ce qui était en train de se faire pour rendre possible un dialogue, une collaboration entre socialistes et chrétiens? On s'est bien gardé de prononcer un seul mot dans cette direction. Ceci aurait sûrement abouti à quelque chose de concret. On se serait ainsi rendu compte que les idées de base du socialisme ressemblent étrangement aux enseignements chrétiens.

Alors je ne comprends pas, pourquoi on doit débattre à propos d'un problème qui n'existe qu'en imagination.

La défense chrétienne ne valait pas le tiers de la défense socialiste. Les réponses étaient tortueuses, elles essayaient d'être convaincantes sans rien dire en substance. Comme lors des grands débats politiques, quoi.

Clara